Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*viele Lieblingsmodelle der Autofahrer verschwinden vom Markt*", deen de 26. Mäerz am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht, verschwannen an noer Zukunft eng ganz Rei Modeller aus dem Beräich vun de klengen Autoe vum Maart. De Grond firwat d'Hiersteller verschidde Modeller scho ganz agestallt hunn a weiderer geschwënn auslafe loossen, läit deem genannten Artikel no an ëmmer méi strengen Ëmweltoplagen, wéi der Euro Norm 7 an ëmmer méi Virschrëfte fir Sécherheetselektronik. Dës Sécherheetselektronik gouf net zulescht néideg, well d'EU selwer vun den Hiersteller ëmmer méi Iwwerwaachungsinstrumenter vum Chauffer (zum Beispill fir d'Vitesskontroll duerch den Auto) verlaangt an déi entspriechend Date jo och virun Hackerugrëff musse geschützt ginn.

Vill kleng Modeller kënne mat all deene Virgabe weder méi als Elektro- nach als Auto mat Verbrennungsmotor rentabel gebaut ginn. De Leit wäert also näischt anescht iwwereg bleiwen, wéi op méi grouss an energieintensiv Modeller zeréckzegräifen, souguer wann se dat guer net wëllen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi beurteelt d'Madamm Minister dësen Trend hin zu ëmmer méi groussen Autoen, deen eleng op ëffentleche Virgabe berout? Gëtt mat där Entwécklung net genee de Géigendeel vun deenen Ëmwelt- a Klimaziler erreecht, déi d'Regierung sech mat där Politik selwer gesat huet?
2) Wéi beurteelt d'Madamm Minister d'Auswierkung vun dësem Trend op déi allgemeng Parkingssituatioun hei am Land? Musse Parkplazen an Zukunft mglw. nees méi grouss geplangt ginn?
3) Gesäit d'Madamm Minister an dësem Trend eng Benodeelegung vu Leit mat méi klengem Akommes, déi geschwë wouméiglech méi fir den Akaf vun engem Auto, fir den Ënnerhalt an och fir d'Energiekäschten (Bensinn oder Elektresch) mussen ausginn? Falls net, firwat net?
4) Gesäit d'Madamm Minister an dësem Trend eng Ursaach fir d'Noutwennegkeet vun engem allgemenge Paradigmewiessel am Bezuch op ëmmer méi ideologesch Virgabe fir déi individuell Mobilitéit? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten